Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3419 vum 12. Januar 2021 vun den honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser an Fred Keup iwwert « Strofdoten »

Tableau zu de Froen Ad 1) / Ad 2) / Ad3) Ad 4):

Gemeng Lëtzebuerg Méint Nov. – Dez.	2018		2019		2020	
	Total	23.00 – 06.00	Total	23.00 – 06.00	Total	23.00 – 06.00
Strofdoten	1698	383	1890	391	1914	275
Iwwerfäll	38	15	32	9	42	3

Ad 1) an Ad 2):

Aus dem Tableau erkennt een den Trend vun de Strofdoten um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg an de Joren 2018 bis 2020 jeweils fir d'Méint November an Dezember. D'Hausse vun de Strofdoten insgesamt erkläert sech ënnert Anerem duerch eng däitlech Zounam bei den Drogendelikter. Dëst ass bedéngt duerch de Fait, dass d'Police säit Enn 2018 um Terrain vun der Stad Lëtzebuerg vill méi intensiv an deem Beräich aktiv ass.

Ad 3):

De Fait dass d'Leit Masken droen, huet de selwechten Afloss op d'Policeaarbecht, wei d'Droe vu Mutzen, Schaler a Kaputze wärend de Wanterméint a kann deemno als négligeable bezeechent ginn.

Ad 4):

Wéi aus dem Tableau ersiichtlech, erkennt een en däitlechen Trend no ënnen bei de Strofdoten insgesamt an och bei den Iwwerfäll, wann een d'Ausgangsspär mat dem selwechten Zäitraum déi viregt Joren vergläicht.